komplett ofzerappen an eppes komplett Neies ze bauen oder dat ze maache wat elo geplangt ass, dat heescht Ëmbau, Ausbau an Ubau ze maachen. Ech mengen et wier duerchaus och sënnvoll gewiescht, et hätt een och kënne vertriede wa mer gesot hätten, mir rappen dee komplett of a bauen eppes komplett Neies, well dat Gebai ass e Gebai aus de 60er Joren, wat och seng Problemer hat. An dofir wier och e kompletten Neibau gerechtfertegt gewiescht. Bon, mir hunn eis elo awer finalement op déi heite Solutioun vum Ëmbau an Ausbau fixéiert a mir hunn och kee Problem fir dann och dat hei matzestëmmen.

Ech wëll vläicht nach eng Remarque maachen, déi, ech mengen d'Madame Stein hei gesot hat virdrun, oder, ech weess net ob Dir et waart, par rapport zu der Asbestproblematik. Et war en aneren, deen d'Asbestproblematik hei scho virgedroen hat, an ech wëll an deem Kontext eng Fro un d'Madame Bauteministesch riichten.

Mir haten hei virun net allze laanger Zäit, nach viru ronn engem Mount, eng Diskussioun mat enger Motioun an der Chamber fir eng Gesamtsituatioun vun allen öffentleche Gebaier wat Asbest ubelaangt an d'Weeër ze leeden. Ech wollt do emol froen, ob domadder schonn ugefaange ginn ass fir an déi Richtung ze goen, fir wierklech e kompletten Iwwerbléck ze kréie vu sämtleche Schoulen an öffentleche Gebaier hei am Land wat d'Asbestproblematik ubelaangt. Also wéi gesot, ass domadder schonn ugefaange ginn?

(Interruptions diverses)

Ma jo, genee hei ass se. Ech hunn elo just hei gesot, ass mat där Motioun, déi mer gestëmmt hunn, ass do schonn an der konkreter Praxis domadder ugefaange ginn an deem Sënn ze schaffen?

(Interruptions diverses)

Dat war also just eng Fro, déi ech hei gestallt hunn.

(Interruptions diverses)

Bon, an dann nach zwou weider Remarken, déi ech ze maachen hunn. Déi éischt bezitt sech op déi gréng Schoul, déi mer zu Esch hunn, wou och d'Kanner vum Préparatoire dra sinn, déi och eng Schoul ass déi net onproblematesch ass. Do wollt ech d'Bauteministesch froen, wann déi Kanner aus dem Préparatoire an d'Lycée-techniquen integréiert ginn, wat geschitt da mat der grénger Schoul? Bestinn do konkret Pläng an deem Zesummenhang?

An da schliesslech nach eng vläicht lescht Remarque, déi mer awer net oninteressant schéngt, déi d'Madame Bauteministesch hei elo selwer hei an d'Diskussioun bruecht huet, wéi se gesot huet, datt se zu Esch d'Gebai vum Victor Hugo eventuell géif gedenken der Stad Esch, ech weess net wéi, ze verkafen oder ze verschenken oder zu engem symbolesche Frang ze verkafen. Ech weess net, wat do Genaues geplangt ass. Ech géif do just gäre wëssen, wat Dir dann elo mat deem Gebai vum Victor Hugo mengt, ob Dir do dat aalt Gebai mengt, dat aalt ehrwürdegt stengent Gebai, oder ob Dir do déi Këscht mengt, déi hannendru gebaut ginn ass, déi an de 60er Joer gebaut ginn ass an déi jo, wann ech richteg verstanen hunn, sollt ofgerappt ginn?

(Interruption)

Wann Dir dat aalt Gebai mengt, dat uraalt Gebai do mengt, wat nach en ehrwürdegt an e gutt Gebai ass, da wier dat natierlech eppes, wou déi Escher Gemeng sécherlech interesséiert wier a ganz gäre bereet wier mat Iech doriwwer ze diskutéieren. Well, wa mer dat virun zwee, dräi Joer gewousst hätten, datt eng Solutioun eventuell kënnt a Fro kommen, dann hätte mer eis virun zwee, dräi Joer vläicht aner Gedanke kënne maachen iwwert d'Schoulplanung vun Esch. Dat hätt eis munches erliichtert op jidde Fall.

Mme Nelly Stein *(CSV)*.- Ma doriwwer ass geschwat ginn, dass dat fir d'Escher Gemeng wier. Ech mengen, Dir kënnt…

Une voix.- Do huet d'Madame Stein Recht. Mir woussten dat.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Ah, ech muss lech soen, datt wann Dir dat wousst…

Mme Nelly Stein *(CSV)*.- All Mënsch huet dovunner geschwat.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass ëmmer gesot ginn, datt mer dat net géifen, datt dat net fir d'Escher Gemeng zur Verfügung géif stoen.

Une voix.- Do war den Ady Jung nach do. Deen huet eis alles gesot.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Bon, dat gesot, wollt ech just déi zwou, dräi Froen hei nach opwerfen. Wat elo den Ausbau oder Ëmbau vum Lycée technique zu Lalleng ubelaangt, ass et kloer, datt mer dat wäerte kënne stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Bauteministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif ufänken déi Kéier mam Merci un de Rapporteur an ech soen him och merci fir de Projet, deen hien iwwert de Laboratoire gemaach hat. Entschëllegt, ech hat do vergiess de Merci dem Rapporteur auszedrécken.

Et ass natierlech wäertvoll, wann d'Chamberkommissioun an hire Rapporteur séier a gutt Aarbecht maachen, fir datt mer eis Projete gestëmmt kréien an domadden dann och mat eiser Aarbecht kënne virufueren. Ech soen awer och merci der Verwaltung vun de Bâtiments publics, déi natierlech hei mat dëse véier Projeten, déi haut virgeluecht gi sinn, e grousse Volume un Aarbecht bewältegt hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, et soll een net hei d'Liicht ënnert de Scheffel stellen. Et soll ee sech och net bretze mat Saachen, déi een net verschëllt huet. Mä et ass ëmmer de beschte Prinzip, et bleift ee bei der Wourecht. A wann ee bei der Wourecht bleift, da sinn do Zuelen, déi fir sech schwätzen. Ech denken, déi Regierunge vu virdrun hunn tëschent 1985 an 1999 fir 547 Millioune Bauteprojete fir Schoule gestëmmt an ausgefouert, an dës Regierung huet vun 1999 u bis haut fir 559 Milliounen Euro Schoulprojeten op de Wee bruecht. Déi Zuele schwätze fir sech. Do si ganz kloer Prioritéiten op déi richteg Manéier gesat ginn. Et brauch ee sech net ze schummen, fir dat doten ëmmer op en Neits nees ze soen an domadden ze beweisen, datt ënnert dëser Regierung verschidden Nohuelbedarfer opgeschafft gi sinn an datt mer eis domadden alleguerten zesumme solle freeën, datt mer iergendwann eng Kéier dee Bedarf un neie Schoulgebaier, dee mer hunn, ofgedeckt hunn.

Dat gesot, wëll ech op en etlech Froen agoen, déi hei gestallt gi sinn, wat d'Ofwéckele vun dësem Neibau ugeet, well ech denken, d'Unanimitéit vun allen Diskussiounsriedner hei léisst jo keen Zweifel drun, datt dëse Projet vu jiddferengem hei begréisst gëtt an datt en och laang fälleg ass.

Aus mengem viregte Liewen als Éducatiounsministesch kann ech soen, datt et e Gebai ass, wat aus enger Zäit ass, wou op eng eegen Aart a Weis gebaut ginn ass, déi verschidde Problemer mat sech bruecht huet. De flaachen Daach a Gebastels un deem Gebai huet no villen Analysen ëmmer erëm näischt Richteges erginn, dofir huet déi Wiel, déi d'Regierung getraff huet, fir carrément en neit Gebai, en Ausbau mat Iwwerhuele vun deem ale Gebai dohinner ze setzen, Sënn gemaach. Et ass domadden och natierlech séchergestallt, datt mer hannenno eng Substanz do hunn, déi fir deen Investissement, dee jo no bei 100 Milliounen Euro läit, engem Neibau gläichkënnt.

Et ass evident, datt déi Aarbechten am beschten oflafen, wa mer d'Élèven net um Chantier hunn. Dofir wëll ech zugläich op dem Rapporteur seng Fro agoen, wat dann d'Ofwéckele vun den Aarbechten ugeet. Et ass natierlech duerch Verspéidungen, déi mer um Lycée Rämerech kritt hunn, awer net esou, datt guer keng Klasse kënnen an de Lycée Rämerech erakommen. Au contraire, de Lycée Rämerech ass, wat normal Klassen- a speziell Säll ugeet, bezugsfäeg fir de September 2004. Dat heescht, do kënnen eng Partie Élèven eriwwergoen.

Et ass Verspéidung, wat de Préau, den Hall sportif an d'Structure d'accueil ugeet, déi eréischt fir de September 2005 fäerdeg sinn, soudatt mer an deem Fall kënne mat den Aarbechten um Lallenger Lycée am Summer 2005 ufänken. Mir rechne mat enger Bauphas vun nëmmen dräi Joer, vu datt keng Élèven um Site sinn. D'Élèvë ginn da verdeelt op déi dräi Gebaier. Dat eent, dat hunn ech gesot, ass de Lycée Rämerech, dat anert ass dann de Victor Hugo, an dat drëtt wier dann an dësem Fall déi gréng Schoul.

Dat gesot, ass natierlech dëse Chantier an deem Sënn eng Chance, datt mer kënne mol eng Kéier dat maachen, wat mer bei ville Schoule gäre géife maachen, dat heescht, e Chantier virundreiwen, ouni datt och nach zugläich um Chantier muss Schoul gehale ginn. Dat ass op jidde Fall eng Aart a Weis ze schaffen, déi fir d'Professeren awer och fir déi Leit vun der Bauverwaltung ganz penibel ass, déi oft zu onheemleche Verzögerunge féiert an déi domadden net ze recommandéieren ass. Ech sinn dofir frou, datt mer hei op Versteesdemech gestouss sinn.

Et ass och virgesinn, datt mer mat alle Verantwortlechen eng gutt Zesummenaarbecht hunn. Ech wëll just hei dobäi bemierken, datt d'Wënsch jo ëmmer iwwert dem Baue kommen, datt awer déi Wënsch alleguerten och ee Käschtepunkt hunn an datt ee muss wëssen, datt dann hei awer dee Kredit, deen d'Chamber elo stëmmt, net d'Dier opmécht fir all nei Wënsch zouzeloossen, well mer jo de Kader haut gesat kréie vun den Investissementer, déi mer maachen.

Et ass hei gesot gi vun der Madame Mutsch, et wier ganz laang näischt gemaach ginn un dësem Lycée. Dat stëmmt. Et ass an der vergaangener Zäit net esou einfach gewiescht fir un engem Gebai, wat vun der Grondstruktur hier vill Problemer hat, eppes ze maachen.

Et ass awer evident - an domat kommen ech dann zu deene Froen, déi den Här Huss hei opgeworf huet, wat d'Situatioun vun dem Victor-Hugo-Gebai ugeet -, datt déi Annexe, déi scho baufälleg war virun enger Zäit, muss condamnéiert ginn an et awer net sécher ass, ob mer d'Victor-Hugo-Gebai an enger éischter Phas direkt fräi kréien, fir dann ze décidéieren, wat domat soll geschéien. Ech ka mech jiddefalls erënneren, datt mäi Virgänger an ech als fréier Éducatiounsministesch mat der Escher Gemeng scho Verhandlungen haten an datt mer woussten, datt d'Gemeng frou wier, fir dat Gebai Victor Hugo ze kréien, souwäit wéi d'Éducatioun et net selwer fir hir eegen Zwecker bräicht. Et ass also do vun dem Stat hier kee Verschloss. De Stat verwiert sech net, fir do och mat der Escher Gemeng iwwer esou Perspektiven ze diskutéieren.

Eng aner Fro ass, wat mat der grénger Schoul geschitt. Dat war a mengen Aen ëmmer e Gebai, wat ze condamnéiere wier, well et eben an esou engem schlechten Zoustand ass, datt näischt méi domat unzefänken ass. Ech denken, wa mer bis déi Iwwerbréckungsperiod iwwerstanen hunn, wa mer dat neit Lallenger Gebai do stoen hunn, da wier déi gréng Schoul a mengen Ae jiddefalls ze condamnéieren an dat ass och d'Meenung vun den Experten.

Dat gesot, gëtt et natierlech domadden elo fir Esch Perspektiven, wat de Schoulneibau ugeet, well, wa Rämerech bezu ka ginn a wa Lalleng bis fäerdeg ass, da bleiwen trotz allem nach am Plan sectoriel de Lycée Esch/Belval, andeems datt mer de Programm vun der Standardisatioun elo komplett fäerdeg hunn, kënne mer am Bauteministère direkt um Lycée Esch/Beval ufänken ze plangen. Mir kënnen och ufänken um Lycée vu Jonglënster ze plangen. Mir hunn dann awer nach eng Partie problematesch Siten, déi opbleiwen. Dorënner de Lycée technique vun Ettelbréck, wou mer nach de Problem vum Terrain ëmmer net geléist hunn, de Lycée technique vu Bouneweg, wou mer och nach ëmmer de Problem vum Terrain net geléist hunn an dann de Lycée Hubert Clement op der Lentille Terres rouges, wou mer nach op d'Definitioun vun den Terrains d'implantation duerch d'AGORA an duerch d'Escher Gemeng waarden.

Dat gesot, mengen ech, huet dës Regierung domadder esouwuel dat opgeschafft wat an der Vergaangenheet virbereet ginn ass - och dat muss hei gesot ginn - a wat de Plan sectoriel ugeet, sinn d'Aarbechte wäit genuch, fir datt eng nächst Regierung - wa se an deemselwechte Rhythmus weider plangt, virausgesat si werft dann net erëm alles iwwert de Koup wat elo gemaach ginn ass a punkto Standardisatioun an a punkto Zesummenaarbecht tëschent Bauteministère an Éducatiounsministère - dann all Chancen huet, fir mat der Planung séier virunzekommen.

Dat gesot, Här President, wäert ech d'Suggestioun vun der Madame Stein, fir den Numm vum Gebai, mat an d'Regierung huelen, an da wäerte mer och doriwwer - ech wëll zwar do kengem virgräifen - eis Gedanke maachen. Et ass ëmmer gutt wann ee Leit, déi grouss Méritten hunn, am Beräich vum Schoulwiesen och iwwert deen dote Wee éiert an hinnen eng Reconnaissance posthum gëtt. Ech soen allen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn, nach eng Kéier merci a merci all deenen, déi e wäerte stëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5209 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Théo Stendebach), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5210 iwwer e Bau fir de Centre de recherche public Gabriel Lippmann. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn agedroe bis elo: d'Madame Mutsch, déi Häre Schummer, Greisen an Huss. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fred Sunnen.

(Interruption)

4. 5210 - Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment pour le Centre de recherche public „Gabriel Lippmann" sur la friche industrielle de Belval-Ouest y compris l'acquisition des équipements spéciaux et l'aménagement des alentours

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Fred Sunnen *(CSV), rapporteur*.- Här Bodry, tréischt lech, et ass dee leschte Projet.

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Budgetsrapporteur, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf, hat a sengem Rapport d'Fuerschung als eng vun de Prioritéite vun dëser a vun den zukünftege Regierungen dohi gesat, well se eng kruzial Roll bei der wirtschaftlecher Diversifikatioun spille muss. Dobäi muss gesot ginn, dass net bei null ugefaange gëtt. Eist Land huet an de leschte Joren op dësem Gebitt opgeholl. Mat der Uni Lëtzebuerg schléisst sech virleefeg de Krees vun de gesetzlechen Etappen, déi de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg weider no vir bréngen.

Am Kielwaasser vun der zukünfteger Gestaltung vun der Uni Lëtzebuerg spillen d'Centres de recherche publics eng wichteg Roll, well si un d'Uni associéiert sinn an an d'Cité des Sciences op Esch/Belval integréiert ginn. Am Gesetz vum 9. Mäerz 1987 ass déi gesetzlech Basis vun de Centres de recherche geluecht ginn. Op Basis vun dësem Gesetz ass duerch e groussherzoglecht Reglement vum 31. Juli 1987 de Centre de recherche public Centre universitaire an d'Liewe geruff ginn. Säin aktuellen Numm huet de Centre de recherche Gabriel Lippmann, dee sech iwwregens am Moment nach an der Avenue de la

Faïencerie um Lampertsbierg befënnt, duerch e Règlement grand-ducal vum 31. Mee 1999 kritt.

Déi verschidde Fuerschungseenheete sinn am Moment op véier Gebaier opgedeelt, déi sech op véier verschidde Sitë befannen. Säit senger Kreatioun huet de Centre de recherche Gabriel Lippmann a senger Aarbecht ëmmer en Équiliber gehalen tëschent dem wirtschaftleche Mehrwäert an der wëssenschaftlecher Qualitéit. Doduerch konnt eng enk Zesummenaarbecht mat de Lëtzebuerger Entreprisen a mat verschiddenen Administratiounen entstoen. Dobäi koumen och eng etlech Kooperatiounen op europäeschem Plang, souwéi seng Virleeferfunktioun fir den Opbau vun universitäre Strukture zu Lëtzebuerg, déi d'Noutwendegkeet vun dësem virleiende Projet ënnermaueren.

De Centre de recherche public ass doriwwer eraus e bedeitenden Dokumentatiounszenter, deen de Mataarbechter, mä och de Fuerscher aus dësem Land an aus der Groussregioun zur Verfügung steet. D'Assistenz bei Dokterthesen, souwéi hir Publikatioun sinn aner wichteg Aufgaben, déi zur Renommee vun dësem Centre de recherche iwwer eis Grenzen eraus bäidroen.

De Centre de recherche Gabriel Lippmann ass do dernieft bei der Formatioun vu Spezialisten, souwuel aus dem Privatsecteur wéi och aus dem öffentleche Secteur bedeelegt, dëst duerch professionell Stagen, duerch technologesch Formatiounen an duerch spezialiséiert Formatiounen am Kader vun engem troisième Cycle.

Konferenzen, Séminairen a Colloquen, déi sech virun allem op Fuerschungsaarbechte bezéien, ronnen déi breet gefächert Aktivitéite vum Centre de recherche of. Doniewent kommen nach déi aner Aufgaben, déi eng modern Fuerschungsanstalt ofdeckt, fir kompetitiv ze bleiwen. Ech denken hei virun allem un d'Öffentlechkeetsaarbecht, d'Kommunikatioun oder och un d'Qualitéitskontroll.

Aus all deem ergëtt sech d'Konklusioun, datt déi aktuell verfügbar Infrastrukturen den Ufuerderunge vun haut net méi entspriechen, fir all dës Missiounen an Aktivitéite weiderhin zefriddestellend ze erfëllen. Aus dëse Grënn stëmme mer haut iwwert dee virleiende Projet of, dee virgesäit d'Aktivitéiten, souwéi d'Personal vum aktuelle Centre de recherche public Gabriel Lippmann, um Site vu Belval/Ouest an engem provisoresche Gebai an de Frichen ze regruppéieren.

De Centre de recherche stellt am Moment e Personal vun 98 Kollaborateuren, Stagiairen a Visiteure mat abegraff. Den Haaptakzent vu sengen Aktivitéite konzentréiert sech an der Haaptsaach op d'Materialtechnologien, wou besonnesch d'Nanotechnologien an d'Instrumentenentwécklung ervirstiechen.

En anere Schwéierpunkt ass déi nohalteg Gestioun vun den natierleche Ressourcen an d'Entwécklung an d'Applikatioun vun den neien Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien. D'Mataarbechter deele sech am Moment a véier Unitéiten op.

Éischtens, de CREDI, dat heescht d'Cellule de recherche, d'étude et de développement en informatique, déi sech an der Haaptsaach op déi nei Informatiounstechnologien, den E-Commerce an d'Gestion des connaissances konzentréieren.

Zweetens, den LDE, dat heescht Laboratoire de droit économique, dee sech an d'Moderniséierung vun eiser Législatioun gestierzt huet an deen nei Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien an eis Législatioun mat abrénge wëllt.

Drëttens, de CREBS, wat Cellule de recherche en environnement et biotechnologies ofkierzt, deen ënner anerem eis Ekosystemer studéiert.

Zu gudder Lescht hu mer dann de Laboratoire d'analyse des matériaux, kuerz LAM genannt, dee sech virun allem op d'Erfuerschung vun den Nanotechnologië konzentréiert.

D'Nettoaarbechtsfläch pro Mataarbechter bedréit am Moment 20,5 m², déi sécherlech konform si mat de Ratioen, déi fir Bürosinfrastrukture bestinn, mä déi net duerginn, wann een d'Laboe mat a Betruecht zitt, déi par définition eng ganz Partie vun Équipementer mat sech bréngen an déi méi eng grouss Fläch noutwendeg maachen. Et ass kloer, dass déi op véier Sitë verdeelte Surface vun 2.037 m² eng Partie vu logisteschen an organisatoresche Problemer mat sech zitt. Dobäi kënnt, datt d'Unitéit STADE, dat heescht Statistique et décision, nach ëmmer op 74 m² am klenge Gebai vum Centre de recherche Gabriel Lippmann ënnerbruecht ass, obschonn den Transfert an d'Enceinte vum Cunlux scho säit dem 1. Mee 2002 vollzunn hätt misse sinn. Och wann am Fréijoer 2000 d'Surface vun 1.500 op 2.000 m² ausgedehnt ginn ass, ass d'Situatioun am Moment alles anescht wéi zefridde stellend.

Déi Responsabel vum Centre de recherche hu sech an de Joren 2000 an 2001 zesummefonnt, fir eng prezis Analys iwwert déi zukünfteg Ausriichtung vum Centre de recherche ze maachen. Dës Reflexioun situéiert sech an de Kontext vun den Aarbechte vum Fonds national de la recherche an huet doriwwer eraus excellent Perspektive fir d'Aktivitéite vum Centre de recherche fräigeluecht. Dobäi huet sech erginn, dass de Centre de recherche Gabriel Lippmann fir seng Projete weider Infrastrukturen a Laboratoiren onbedéngt brauch. Dës Capacitéiten entspriechen dem Dueble vun deem wat am Moment dem Centre de recherche Gabriel Lippmann zur Verfügung steet. Eng Netsurface vun 4.200 m² erlaabt et mëttelfristeg bis an d'Joer 2008 all d'Équipen aus dem Centre de recherche an enger moderner a funktioneller Infrastruktur ze regruppéieren, fir finalement eng performant a fruchtbar Fuerschung weiderhi bedreiwen ze kënnen.

D'Wëssenschaftsfakultéit vun der Uni Lëtzebuerg wäert hiren definitive Site op Belval-Ouest kréien. D'Cité des Sciences et de la Recherche et de l'Innovation, déi op den Terrasse vun den Héichiewen op Belval-Ouest realiséiert gëtt, integréiert och a sengem Programm d'Centres de recherche, déi der zukünfteger Sciencëfakultéit rattachéiert ginn. Déi global Entwécklung vun der Cité des Sciences ass an engem Zäitraum vu 15 Joer virgesinn, en Zäitraum, wou sech déi eenzel Prioritéiten erauskristalliséiere wäerten. Au vu vum État d'avancement vun der Cité des Sciences an au vu vun de Besoinë vum Centre de recherche Gabriel Lippmann drängt sech eng schnell an onkomplizéiert Solutioun a Form vum virleiende Projet fir eng provisoresch Infrastruktur op de Frichen zu Esch/Belval op.

De Projet gesäit eng Nettofläch vu 4.200 m² an eng Bruttofläch vu 6.500 m² vir, déi sech op 2.770 m² Büroen, 1.450 m² fir Laboen, 270 m² fir d'Entrée, 1.760 m² fir Sanitärinstallatiounen an 250 m² fir den technesche Bunker bedréit. D'Büroe kënnen 150 Chercheuren, Techniker an administrativ Agenten ophuelen. Déi gemeinsam Säll begräifen e grousse Versammlungsraum, eng Bibliothéik, e Formatiounssall, eng Cafeteria, en Informatiounsbüro fir d'Visiteuren a Säll fir d'Archiven. D'Laboratoiren ëmfaassen ënner anerem e Chimieslabo, e Biochimieslabo, e Labo fir Mikrobiologie, e Labo fir Materialfuerschung an e Labo fir Traitement des surfaces.

Fir d'Sécherheetsnormen ze respektéiere gëtt op qualitativ héichwäerteg Équipementer zréckgegraff. D'Équipement, wat am Moment a Gebrauch ass, huet eng Valeur vu 5,5 Milliounen Euro a gëtt op de Site transferéiert. Weider Acquisitioune ginn am Kader vun der Weiderentwécklung vum Centre de recherche a vun neie Fuerschungsprojeten ugeluecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet ass de 17. September 2003 vun eiser Bauteministesch, der Madame Erna Hennicot-Schoepges, an der Chamber déposéiert ginn. De Projet war komplett andeems en ausféierlechen Exposé des motifs, e Konstruktiounsplang an eng Fiche financière, déi esouwuel iwwert d'Käschte vum Projet, wéi och iwwert d'Exploitatiouns- an d'Ënnerhaltskäschte vum zukünftege Centre de recherche informéiert, bäigeluecht waren.

De Statsrot huet den 23. September 2003 säin Avis ginn, an an der rezenter Kommissiounssitzung vum 25. November ass de Rapporteur designéiert ginn an den Inhalt an den Text vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl ginn. De schréftleche Rapport ass virun aacht Deeg, den 9. Dezember 2003, an der Kommissioun ugeholl ginn.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Den Exposé des motifs explizéiert en long et en large déi technesch, architektonesch a fonctionnel Spëtzfëndegkeeten aus dem Projet. Ech wëll dofir op mäi schréftleche Rapport verweisen, deen dëst nach eng Kéier oplëscht. De Projet kascht 11,32 Milliounen Euro. Eng Zomm vun 2,65 Milliounen Euro ass fir Spezialéquipementer virgesinn, ënner Berücksichtegung vun engem Indice semestriel op den 1. Oktober 2002. D'Aarbechte ginn duerch de Fonds Belval realiséiert. Wat déi generell Käschte vum Projet ubelaangt, notamment d'Taxen, d'Autorisatiounen, d'Käschten, déi sech beim Ausschaffe vum Cahier des charges, bei Appellë fir Offeren, bei der Presentatioun vu Maquetten a vun anerer Publikatiounen opdoen, gouf en Taux vun 1,2% op de Budget, dee vum Établissement geréiert gëtt, applizéiert. Den Total vun de jährlechen Exploitatiounskäschte beleeft sech op 249.550 Euro.

Här President, ech wëll dann nach op e puer Punkten agoen, déi an der Bautekommissioun ugeschwat goufen. Op d'Fro hin, ob den Terrain iwwer zéng Joer eraus zur Dispositioun steet, wourop dann d'Cité des Sciences scho realiséiert wier, huet de Ministère preziséiert, datt an deem Fall eng Prolongatioun kënnt a Betruecht gezu ginn. Ech wëll awer do soen, datt d'Gemeng Suessem zweemol fënnef Joer den Terrain wëllt zur Verfügung stellen, well deen Terrain ass virgesi fir aner Destinatiounen, datt een duerno kucke muss. Mir loossen och mat eis schwätze wann et net duergeet, datt mer awer esou schnell wéi méiglech dat anert kënne realiséieren.

Op d'Fro hi firwat d'Regierung net higaangen ass fir e Gebai ze lounen, ass preziséiert ginn, dass sech kee Propriétaire fonnt hätt, deen esou e grousst Gebai verlount, au vu vun de Risiken, déi bei enger Fuerschungsinstitutioun bestinn. Well de Centre de recherche Gabriel Lippmann och mat OGMen hantéiert, ass gefrot ginn, ob d'Gebai dann och ofgesécheert wier. De Ministère huet an dësem Kontext preziséiert, datt d'Gebai mat Bëton um Buedem virgesi gëtt.

Wat de Finanzement vum Projet ugeet, ass ënnerstrach ginn, datt déi eenzel Bauprojeten op de Frichen, déi Objet vun engem Gesetzestext sinn, iwwert d'Loi de garantie finanzéiert ginn. De Fonds Belval verfügt awer iwwer Kreditter, déi fir Etüden ugeluecht ginn. De Ministère huet verséchert, datt d'Pavillone vun enger ausseruerdentlech gudder Qualitéit sinn, an datt se sech spéider fir e weidere Gebrauch ganz sécher géifen eegnen.

Fir déi eenzel Containere gëtt eng öffentlech Ausschreiwung lancéiert. An den nächste Méint kann da mat den Aarbechten ugefaange ginn. De Statsrot huet kritiséiert, datt d'Regierung an der aktueller ekonomescher Situatioun op de Wee geet fir provisoresch Gebaier zu engem substanzielle Präis opzeriichten, wann ee weess, datt d'Cité des Sciences och d'CRPe wäert integréieren. Déi redaktionell Modifikatiounen, déi de Statsrot proposéiert huet, sinn integral iwwerholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir den Detail wéilt ech mer erlabe fir op mäi schréftleche Rapport ze verweisen. Ech denken, datt d'Ministesch eis déi noutwendeg Clarificatiounen iwwert de Projet wäert an hirer Interventioun méi no bréngen.

Mam Accord vun der CSV-Fraktioun schléissen ech meng Interventioun an ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Sunnen. Den éischten ageschriwwene Riedner ass d'Mme Lydia Mutsch. Mme Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Et geet ganz kuerz, Här President. Ech fannen, dass dëse Projet hinlänglech bekannt ass vun all deenen, déi sech dofir interesséieren. E reit sech an an déi ganz Rëtsch vu Projeten, déi mer presentéiert kréien an déi ënnert der Tutelle vum Fonds Belval mat relativer Rapiditéit op den Instanzewee kommen. Mir gesi jo och all gudden Dag an den Zeitunge Concoursen, déi gemaach ginn, virun allem och mat jonken Architekten, wat eng gutt Saach ass. Ech denken un d'Archiven oder och un d'Bürosgebailechkeeten, wéi den Informatiounspavillon a mir sinn och elo an der glécklecher Situatioun, dass an deenen nächste Woche wäerten déi éischt Baugenehmegungen ausgestallt ginn. Well nach dës Woch, den 19. Dezember, tranchéiert den Escher Gemengerot an engem zweete Vote iwwert d'PAPe ronderëm d'Archiven, d'Rockhal, de Südbahnhof, Utopolis an och iwwert d'DEXIA, esou dass dann enger Baugenehmegung am fréie Januar näischt méi am Wee steet.

Et geet also gutt virun op engem Site, dee jo soll Modellcharakter kréien. Wat dëse Projet ubelaangt, esou kann een eigentlech haut soen, dass en dräierlee Aspekter beliicht, déi alleguerte ganz wichteg fir d'Entwécklung vun eisem Land sinn. Éischtens ass et e weidere Schratt a Richtung vun enger kontinuéierlecher Dezentraliséierung vu staatlechen Infrastrukturen, wat virun allem fir d'Net-Zentrumsregiounen hei am Land ganz wichteg ass. Ech wëll net ëmmer just vum Süde schwätzen.

Zum Zweeten dréit dëse Projet dozou bäi, fir deen entaméierte Strukturwandel am Süde weider ze beschleunegen. Effektiv droe mer dozou bäi, fir en neie Pilier économique opzebauen, nämlech dee vun der Recherche vun neien Technologien an och vun der universitärer Formatioun. Tatsächlech ass dat heiten den Optakt vun der Cité des Sciences. Och dëse Projet soll no enger Iwwergangsphas vu maximal zéng Joer eriwwergefouert ginn, respektiv do integréiert ginn.

Dat ass net näischt, wat mer do amgaang sinn ze maachen, an dofir ass et och wichteg dee Pilier als ee vun eise wirtschaftleche Pilieren elo esou auszebauen, dass en et erlaabt zu engem spéideren Zäitpunkt all deenen Erausfuerderungen, déi an deem wirtschaftlechen Ëmfeld gestallt ginn, kënne gerecht ze ginn duerch den Équipement, duerch d'Formatioun, duerch d'Recherche, déi ka gemaach ginn, net nëmmen um sozialstatistesche mä och um technologesche Plang an am Beräich vun der Formatioun.

Et ass eng wichteg Institutioun, e Signal, e weidere Schratt a Richtung vun enger Entwécklung, déi net méi opzehalen ass, an dofir ass et an eisen Aen e Projet, deen eis voll Ënnerstëtzung verdéngt, an dofir och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Den Här John Schummer kritt elo d'Wuert.

M. John Schummer *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wëll ech dem Rapporteur Fred Sunnen merci soe fir säin excellentë mëndlechen a schréftleche Rapport, sou wéi mer dat scho vun him am Laf vum Nomëtteg gewinnt sinn.

D'Fuerschung an d'Entwécklung vun neien Technologien a Methode sinn den A an den O fir net an dee berühmte Stëllstand ze falen. Fir datt d'Betriber sech an engem Land an Zäite vun enger globaliséierter Weltwirtschaft kënnen um Marché duerchsetzen, mussen se stänneg probéieren hir Aarbechtsofleef an hir Aarbechtsmethoden ze verbesseren an ze moderniséieren. Dofir ass et immens wichteg, datt e Land déi néideg Fuerschungsariichtungen huet, fir dës Fuerschungs- an Entwécklungsaarbechte vun den Entreprisë kënnen tatkräfteg ze ënnerstëtzen.

De Süde vun eisem Land, also d'Minettsgéigend, war schonn ëmmer eng Regioun an där traditionell vill Wäert op d'Fuerschung geluecht ginn ass. Et war virun allem a senger Glanzzäit, wou am Stolsecteur ëmmer erëm grouss Erfolleger an der Fuerschung ze vermelle waren. Do kann een als Beispill zitéieren d'LDAC-Verfahren, wat sengerzäit den Ingenieur Paul Metz entwéckelt huet. Dëst Verfahre war eng Revolutioun an der Stolveraarbechtung. Vergiesse mer och net, datt d'Stolindustrie ënner anerem duerch d'Aarbecht vum Paul Wurth weltwäit féirend war an der Héichuewentechnologie.

Mir liewen haut an engem Land, dat net méi vill, fir net ze soen näischt méi a sengem Buedem huet. Dat Eenzegt wat mer nach kënne verkafen, ass dat, wat mir an eise Käpp, a surtout...

(Interruption)

Dat ass och nach net ëmmer esou sécher, ob d'Waasser nach gutt ass, Här Gira.

…wat eis Kanner an an hirer Käpp hunn, an dofir muss d'Fuerschung hei am Land en héije Stellewäert kréien an dofir ass se och esou wichteg.

Fir och hei zu Lëtzebuerg eng performant Fuerschungs- an Entwécklungslandschaft an d'Liewen ze ruffen, ass ënner anerem mam Règlement grand-ducal vum 31. Juli 1987 de Centre de recherche public „Centre universitaire" gegrënnt ginn. Ausser renger Fuerschungs- an Entwécklungsaarbecht soll dëse Centre de recherche den Technologietransfert tëschent der Fuerschung an der Wirtschaft promouvéieren, de Betriber bei der Ëmsetzung vun neien Technologien hëllefen an esou weider.

Nodeems mam Gesetz vum 31. Mee 1999 de Fonds national de la recherche gegrënnt gi war, huet de Centre de Recherche och säin heitegen Numm kritt: Centre de recherche public „Gabriel Lippmann". De Gabriel Lippmann krut iwwregens 1908 den Nobelpräis an der Physik.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et huet awer bis an d'Joer 1999 gedauert ier Lëtzebuerg fir déi éischte Kéier a senger Geschicht e Ministère de la Recherche kritt huet. Esou hat dës aktuell CSV/DP-Regierung erkannt,

datt d'Fuerschung an d'Entwécklung en immens wichtege Facteur fir de wirtschaftlechen a soziale Progrès an engem Land sinn. D'Fuerschungs- an d'Entwécklungsaarbechte vun engem Land sinn zentral Facteure fir d'Wettbewerbsfäegkeet vun engem Land. Genee esou wichteg sinn dës Aarbechten am Kontext vun enger erfollegräicher Standuertpolitik ze gesinn.

A well et mat dem gudde Wëllen eleng net gedoen ass, huet dës Regierung déi finanziell Mëttelen, fir eng effektiv a gutt Fuerschungsaarbecht hei zu Lëtzebuerg ze erméiglechen, substanziell an d'Luucht geschrauft. 1999 stongen 11 Milliounen Euro am Statsbudget fir Fuerschung an Entwécklung. Mir hu jo grad gëschter hei an der Chamber de Budget fir 2004 gestëmmt, an do wëll ech nach emol drop hiweisen, datt d'Investitioune vum Stat weider op engem ganz héijen Niveau gehale ginn.

Zu deene wichtegen Investitioune fir de Standuert Lëtzebuerg geheieren nieft den Investitiounen am Beräich vun de Schoulen - ech erënnere kuerz un déi zwee Schoulgebaier, déi mer grad gestëmmt hunn - awer och déi Investitiounen am Transport an an der Santé. Do erënneren ech un deen neie Statslabo, dee mer och elo grad gestëmmt hunn. A fir an där Linn weiderzefuere geet an dësem Budget, an deem jo aner Statsausgabe ganz moderat gehale gi sinn, de Budget vu Fuerschung an Entwécklung op ronn 41 Milliounen Euro an d'Luucht. Dat ass am Verglach zu 1999 eng Augmentatioun vum Forschungsbudget vun zirka 300%. Wat enorm ass a wat eiser Meenung no den eenzeg richtege Wee ass. De Ministère de l'Économie notéiert eng permanent Augmentatioun vun de Fuerschungsprojeten, déi bei him ugefrot ginn.

Natierlech huet net nëmme Lëtzebuerg erkannt wéi wichteg d'Fuerschung fir e Land ass. An Europa ginn et schonn zënter 1984 europäesch Programmes cadre, déi dat wichtegst europäescht Instrument sinn, fir d'Recherche an Europa finanziell kënnen ze ënnerstëtzen. Mëttlerweil si mer bei dem sechste Programme cadre ukomm. Vun 2002 bis 2006 gesäit dëse Programm Investitiounen an d'Fuerschung an Europa vun insgesamt 17,5 Milliounen Euro vir. Mat dëse Sue sollen transnational Projete cofinanzéiert ginn. Hei sollen da Recherchen, zum Beispill am Beräich vun der Biotechnologie, der Informatiounstechnologie, der Materialfuerschung, et j'en passe, ënnerstëtzt ginn. D'Zil vun deem Programm insgesamt ass d'Schafe vun engem europäesche Fuerschungsraum.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Bau vun deenen neie Gebaier fir de Centre de recherche public Gabriel Lippmann ass nees en zousätzlecht Stéck am grousse Puzzle vun der Rekonversioun vun den Industriebroochen zu Belval. Dofir wëll ech hei nach eng Kéier drun erënneren, datt d'Rekonversioun vun den Industriebroochen am Süde fir dës Regierung eng ganz besonnesch Prioritéit huet a wäert behalen. Dat kann een an der Regierungserklärung vum 12. August 1999 am Kader vum Aménagement du territoire ganz kloer noliesen.

Fir den Industriebroochen neit Liewen anzehauchen, hu mer an der Vergaangenheet eng Rei Projeten op de Wee geschéckt. Ech erënneren un d'Rockhal oder och, an dat ass jo nach net allze laang hier, un d'Gesetz fir Etüden an Aarbechten, déi d'Conservatioun vun den Héichiewe sollen ofsécheren.

Datt dëse Centre de recherche op d'Industriebroochen am Süde kënnt, ass e weidere Schrëtt an der Diversifizéierungspolitik vun dëser Regierung, well de Centre de recherche jo schonn eleng duerch seng Fuerschungen nei Weeër fir eis Wirtschaft sicht. Op där anerer Säit ass et awer och e weidere Schrëtt an der Dezentraliséierungspolitik vun dëser Regierung. Esou ass dann och de Gabriel Lippmann net deen eenzege Centre de recherche, deen op d'Industriebrooche kënnt. Anerer sollen nokommen. Doriwwer eraus kënnt nieft der Rockhal, vun där elo grad scho geschwat ginn ass, de Centre de la Culture industrielle, en Internat, eng Schoul, e Sportszentrum, de Statsarchiv, en Deel vun där neier Universitéit Lëtzebuerg, Verwaltungen an eng Pépinière d'entreprises dohinner.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst alles si Mesurë fir dës Regioun, déi jo esou eng wichteg Roll an der gesellschaftlecher an an der wirtschaftlecher Entwécklung an eisem Land gespillt huet, ze revaloriséieren. D'Centres de recherche, déi elo zu Esch-Belval gebaut wäerte ginn, sinn, wann een esou wëllt, eng Verbindung tëschent dem Deel vun der Geschicht, deen dat aus Lëtzebuerg gemaach huet, wat et haut ass, an der Zukunft vun eiser Lëtzebuerger Wirtschaft, well nëmme mat enger performanter Fuerschungs- an Diversifizéierungspolitik ka Lëtzebuerg an der Zukunft déi Positioun an enger globaliséierter Wirtschaft behalen, déi et am Moment huet.

Fir mat dësem Centre de recherche d'Innovationsfäegkeet an d'Wettbewerbsfäegkeet vun eisem Land ze ënnerstëtzen, wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei ganz kloer dëse Projet stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Robert Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et iwwerrascht vläicht wann ech soen, datt mir net an déi allgemeng Euphorie asteigen, déi hei bei menge Virriedner duerchgeklongen huet. Mir wëlle kengesweegs d'Utilitéit, d'Noutwendegkeet, de Stellewäert vun der Fuerschung a vun der Entwécklung hei am Land a Fro stellen. Hei schwätze mer wéi bei deene Projete virdrun iwwer e Bauprojet. Hei gëtt investéiert, fir deenen, déi an deem Beräich schaffen, d'Méiglechkeeten ze gi fir ënnert uerdentlechen, akzeptabelen, waméiglech optimale Konditioune kënnen hir Fuerschungsaarbecht an all hir Aarbechten ze maachen. Datt eng Noutwendegkeet besteet fir eng Solutioun, dat sief net bestridden, ech mengen, dat geet aus den Ënnerlagen ervir. Datt akute Plazmangel do besteet, wou d'Leit vum Centre Gabriel Lippmann de Moment schaffen, wëlle mir op kee Fall bestreiden.

Mä et gesäit een aus den Texter, datt och hei wéi bei anere Projeten den Zäitpunkt verschweesst ginn ass, verpasst ginn ass fir bäizäiten, do wou et néideg war, Neel mat Käpp ze maachen. Et gesäit een, datt och an dësem Domän, am Bausecteur, d'Prioritéite falsch gesat si ginn. Ech hunn et scho virdru beim Bau vum Statslaboratoire gesot. Mir hunn eis eng ganz Partie Objete geleescht, déi fäerdeg sinn, déi deelweis nach am Bau sinn, déi mer grouss dobaussen an d'Fënster stellen, déi awer bäi wäitem an eisen Aen net deen Nëtzlechkeetsstellewäert hu wéi dat zum Beispill och hei erëm de Fall ass. An et geet aus dem Text vun der Regierung selwer ervir, ech zitéiere kuerz: „En raison de l'état d'avancement général du développement du site, et vu l'urgence des besoins constatés du CRP Gabriel Lippmann, une solution transitoire s'impose avant l'implantation définitive dans la Cité des Sciences."

Déi Urgence, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi kënnt jo awer net vun haut a vu gëschter. Dat huet sech am Laf vun der Zäit opgebaut, an et ass näischt geschitt, an elo op eng Kéier heescht et, elo muss awer ganz séier eppes geschéien. Elo gesäit een och dee Credo, deen een iwwer all déi Joren héieren huet, vun der Wichtegkeet vun der Fuerschung, wat alles do misst gemaach ginn, déi Bedeitung, déi misst bäigemooss ginn, wéi wäit datt do d'Theorie an d'Wierklechkeet ausernee ginn. De Conseil d'État kritiséiert, menger Meenung no zu Recht, d'Tatsaach, datt hei e Provisorium geschaaft gëtt. Ech zitéieren: „Cette approche ne manque pas de surprendre le Conseil d'État qui estime entre autre que dans la situation économique actuelle les finances publiques ne devraient guère permettre des solutions provisoires à un coût aussi élevé." An hie seet hannendrun: „Aussi le Conseil d'État recommande-t-il vivement de revoir le projet sous avis, dont une autre utilisation ultérieure ne semble guère assurée." Ech hunn och näischt doriwwer fonnt wat dann eventuell duerno soll domat geschéien.

Här President, dee Provisoire hei huet mech un en anere Provisoire erënnert, e Provisoire, deen do uewen um Kierchbierg an den Hale geschafe ginn ass, fir eppes iwwer 700 Milliounen aler Frang, well och do d'Planung dernieftgelaf ass. Do ass d'Parlament iwwergaange ginn. Do war praktesch schonn alles fäerdeg wéi d'Commission du contrôle de l'exécution budgétaire just virun der Vakanz d'urgence zesummegeruff ginn ass, a wou mer alleguer gespaant waren op d'Äusserst wat da sollt sinn, well de Statsminister „himself" komm ass fir eis ze erzielen, si hätten do dringend eppes misse maachen, an et wär awer elo néideg, datt mer eng Solutioun géinge fanne fir deem Ganzen eng legal Basis ze ginn, déi et iwwregens bis haut nach net kritt huet. Dat hei gesäit zwar net grad esou schlëmm aus, mä et ass awer och de Bewäis, wéi wéineg datt mer capabel sinn hei am Land, eng laangfristeg Planung an eiser Bautepolitik ze bedreiwen.

Hei gëtt op eng Kéier eng Urgence festgestallt, déi sech am Laf vun de Joren opgebaut huet, an elo muss da gehandelt ginn, an e Provisorium fir 460 Millioune Frang, well mer dat ëmmer nach besser verstinn, muss gebaut ginn, fir datt dann hannendrun en Definitivum gebaut gëtt um selwechte Site, awer op enger anerer Plaz.

Här President, de Bauhär ass de Fonds Belval. Ech hoffen, datt de Fonds Belval e bësse méi glécklech agéiert wéi en anere célèbre Fong hei zu Lëtzebuerg, de Fonds de Kirchberg. Den Avantage soll jo sinn, datt et méi flexibel a méi rapid geet, mä da froe mir eis, wann de Fong méi flexibel a méi rapid kann agéieren, woufir datt et dann net méiglech ass, awer an engem räsonnabelen Délai eng definitiv Solutioun op deem Site ze schafen. Dat ass och d'Ursaach woufir datt mir, obscho mer d'Noutwendegkeet, datt eppes muss geschéien, agesinn, dësem Projet eis Zoustëmmung net kënne ginn.

Mir plädéiere mam Statsrot duerfir fir esou séier wéi méiglech eng uerdentlech definitiv Solutioun unzeviséieren, och wann een da während där Iwwergangszäit iergendwellech aner Solutiouns intérimaires muss fannen, mä mir kënnen engem Provisoire, „dont une autre utilisation ultérieure ne semble guère assurée", fir 460 Millioune Frang eis Zoustëmmung net ginn. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als leschte Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och am Numm vun der grénger Fraktioun just e puer Remarken hei zum Centre Gabriel Lippmann an zu der Recherche hei zu Lëtzebuerg maachen.

Fir d'éischt soen ech dem Rapporteur merci fir säin detailléierte Bericht hei zu dësem Projet. Et gëtt eis gesot, an dat ass jo och esou, datt de Centre Lippmann um Lampertsbierg am Moment schlecht logéiert ass, op verschidde Gebaier verdeelt, an enke Raim, an datt et kaum Ausbauméiglechkeete gëtt, esou datt d'Konklusioun keng aner ka sinn, datt en aneren, e bessere Standuert huet misse gesicht ginn. Wann de Centre Lippmann elo op d'Frichë vu Belval kënnt, ass dat a mengen Aen och sënnvoll, éischtens well do Terrainen zur Verfügung stinn, zweetens well et dem Prinzip vun der Dezentraliséierung och um Niveau vun der Fuerschung entsprécht fir dat ze maachen, an drëttens well et sech logesch areit am Kontext vun der Uni Lëtzebuerg a vun der Cité des Sciences, déi jo och op Belval soll situéiert ginn.

Wat de Problem ubelaangt vun deem just provisoresche Standuert a Gebai, bis et zu enger definitiver Léisung kënnt am Kader vun der Cité des Sciences, wat eng pragmatesch Léisung duerstellt an eisen Aen, bon, et kann een natierlech ëmmer soen: Et wär besser wann een direkt déi richteg Léisung do zur Verfügung gehat hätt. Et kann een och iwwert de Käschtepunkt vun dësem Provisorium vill räsonnéieren. Fir eis ass et awer kee gréissere Problem, well no deem definitive Bau, mengen ech, trotzdeem fir déi Raimlechkeeten, fir déi Gebailechkeeten do zumindest deelweis nach kënne weider Notze fonnt ginn. Als Gréng hu mer also mam Standuert kee Problem.

Mir sinn och zefridden, datt heibäi eng grouss Sécherheetskultur vun de Gebaier a vun de Forschungsaktivitéite virgesinn ass, well déi Saache jo awer net wäit vun deenen éischten Haiser do an der Bielesser Strooss ewech sinn. Eng absolut performant Sécherheetskultur an esou engem Centre de recherche ass néideg, wann et kloer ass, datt do a streng confinéiertem Beräich a Laboen och mat chemeschem Material, mat radioaktive Stoffer a Substanze geschafft gëtt an datt an dësem Milieu confiné och Experimenter mat OGMen net ausgeschloss ginn. Ech wëll an dësem Kontext aus grénger Vue awer betounen, datt et gutt ass fir eis als Parlamentarier ze wëssen, datt et do déi Sécherheetskultur gëtt, datt dat am confinéierte Beräich ass.

Mä et gëtt jo awer net nëmmen eis Parlamentarier, et gëtt och Leit dobaussen, an ech mengen, datt et wichteg wär, datt iwwert d'Fuerschungsaktivitéit vun esou engem Centre de recherche, mat Saachen, déi ech virdrun och opgezielt hunn, datt et do wichteg ass, datt eng grouss öffentlech Transparenz virherrscht, an dat gëllt elo net nëmme fir deen neie Site, deen op Belval geplangt ass, dat wär jo och elo hei um Lampertsbierg de Fall. Dat ass standuertonofhängeg. Mä et soll eng grouss Sécherheetskultur virherrschen an et soll Wëssen an Transparenz virherrschen, net nëmme bei eis, mä och an der Populatioun, datt déi wësse wat do geschitt. Esou ass et an eisen Ae wichteg, datt d'Öffentlechkeet soll wëssen, datt et soll transparent sinn, wat et zum Beispill op sech huet mam Ëmgank vu radioaktivem Material a confinéiertem Milieu an deem Centre de recherche. Wat gëtt do u radioaktivem Material gefuerscht? Ass dat Spidolsmaterial, wat radioaktiv ass, Offäll oder wat ass dat? D'Öffentlechkeet soll wëssen, wat do gefuerscht gëtt a wéi sécher d'Konditioune vun där Fuerschung do sinn.

An déiselwecht Öffentlechkeet am selwechte Sënn vun Transparenz ass sécher och interesséiert ze wëssen, wat do zum Beispill mat genetesch manipuléierten Organisme gefuerscht gëtt. Mir wëssen, et ass am confinéierte Raum. Et ass also net an der Fräisetzung. Dat ass also scho mol eng gewësse Sécherheetsgarantie. Trotzdeem kann ech natierlech d'Fro stellen, bei deem Centre Lippmann, onofhängeg erëm vum Standuert, wat do d'Ziler si vun där Fuerschung. Wann ech kucken, wat do am Projet de loi drasteet, do sinn ech, wéi ech dat gelies hunn, awer eng kleng Iddi hellhöreg ginn an ech hu mer och Froe gestallt. Well do steet, ech liese vir: „On peut citer plus particulièrement le domaine des biotechnologies" - an dat steet a Klammeren - „(développement d'un pôle agroalimentaire avec extension des activités dans les domaines de pharmacologie et de sécurité alimentaire)".

Pharmacologie- a Sécurité-alimentaire-Analysen, domat hunn ech kee Problem. Mä wéi ech awer hei gelies hunn „développement d'un pôle agroalimentaire", dunn hunn ech mer awer Froe gestallt, wat dat soll heeschen, well bis haut jo awer och bekannt war, datt d'Haltung vun dëser Regierung awer eng ganz attentistesch an eng ganz virsiichteg Haltung war, just par rapport zu den OGMen an am Beräich vun der Landwirtschaft. Do wär ech frou, wa mer op dëser Plaz awer e puer Renseignementer doriwwer géife kréien.

Da wollt ech nach eppes soen. Wann ech d'Fuerschungsaktivitéite vum Centre Gabriel Lippmann kucken - dat ass nach e leschte Punkt op deen ech wëll agoen -, dann ass do déi sou genannte Fuerschung iwwert d'Nanotechnologien, wat e ganz neie Beräich ass no Gentec an der Robotique, da mengen ech och, datt een esou eng nei Technologie misst diskutéieren op eng roueg, sachlech, viruerteelsfräi Aart a Weis, well ech net weess, ob déi jiddferengem bekannt ass.

Et wäert wahrscheinlech deene Wéinegste bekannt sinn, datt sech vun der Europäescher Kommissioun a vun de Fuerschungsprogrammer a vu Wëssenschaftler grad vun deenen Nanotechnologië formidabel Entwécklungspotenzialer erwaart ginn a praktesch alle Beräicher.

Et gëtt do geschwat an engem positive Sënn vun enger immenser Chance eng total nei industriell Revolutioun ze entwéckelen iwwert déi Nanotechnologien, an zwar ginn do scho praktesch déi gréisste Fuerschungsefforte grad an déi dote Richtung hei an Europa investéiert. Ee vun de groussen Zentre vun der Nanotechnologie schéngt Grenoble ze sinn a Frankräich, déi komplett an déi dote Richtung elo gesat hunn. Ech mengen, datt een awer misst, wann esou eng nei Entwécklung kënnt, bei där vun enger neier industrieller Revolutioun geschwat gëtt, dat awer och gesellschaftlech a politesch diskutéieren, fir ze gesinn, wat do wierklech d'Avantagë sinn, wat awer och ëmgekéiert méiglech Risike vun deenen Nanotechnologien do sinn.

Et ass eis an der Kommissioun an Aussiicht gestallt ginn, datt mer de Centre Lippmann wäerte besichen. Et gëtt am Dokument hei gesot, dat fannen ech ganz positiv, datt haaptsächlech am Centre Lippmann Materialfuerschung soll gemaach ginn, fir méi resistent a méi dauerhaft Material ze kréien, wat nach aner Qualitéiten hätt. Dogéint ass am Prinzip näischt anzewenden, mä et misst een awer de gesamte Komplex vun den Nanotechnologië mol eng Kéier hei an der Chamber an och gesellschaftspolitesch dobausse méi diskutéieren, wann dat déi doten Dimensioun huet, déi do erwaart gëtt.

Wat d'Risike vun den Nanotechnologien ubelaangt, sou schéngt et där och ze ginn, an déi Risike sinn haaptsächlech dräierlee Natur. Ee Risiko, vun deem gesot gëtt, datt et e ganz klenge Risiko wär, ass déi

sou genannten Écophagie. Écophagie bedeit, datt duerch d'Hierstellung vun deenen Nanomaschinnen, vun deene Minimaschinnen do, déi eng Autoréplicatioun sollen hunn, dat heescht sech solle selwer praktesch vermehren kënnen, et do duerch Programmatiounsfeeler zu enger onkontrolléierter Vermehrung kënnt kommen, wat zu engem Verschwanne vum Carbone an der Biosphär géif féiere mat katastrophale Folgen. Et gëtt zwar gesot, dat wär eng ganz onwahrscheinlech Hypothees, mä awer net eng onméiglech.

Dee fir mech méi realistesche Risiko vun deenen Nanotechnologië läit ganz kloer am militäresche Beräich. Wann d'Nanotechnologië sech am militäresche Beräich, an do gëtt vill elo weltwäit dru gefuerscht, wäerten duerchsetzen, da kréie mer iwwert d'Nanotechnologien e Rüstungspotenzial, wou d'militäresch Atomnotzung oder déi chemesch Waffe praktesch Klengegkeeten dergéint sinn. Dat muss ee wëssen. Och do, an deem Beräich, schéngen also grouss Risiken ze bestoen, déi ee muss gesellschaftspolitesch diskutéieren.

Da gëtt et en drëtte Beräich, deen och mat gewësse Risikoe behaft ass, wa gesot gëtt, datt iwwert déi Nanotechnologië praktesch d'Automatiséierung vun der Aarbecht an engem onwahrscheinlechen Ausmooss nach vill méi schnell ka virugedriwwe ginn, esou datt ee sech kënnt virstellen, datt praktesch d'Fabriken ouni Personal kënnte fonctionnéieren - vläicht eréischt a 40, 50 Joer. Do géif ee soen, oh, dat ass jo flott op där enger Säit, wat awer gesellschaftspolitesch ganz gravéierend Problemer géif mat sech brénge mam Chômage a wat aner Problemer ubelaangt.

Et ass also op där enger Säit eng riseg Erausfuerderung fir déi nächst 20, 30, 40 Joer. Et ginn hei am Centre Lippmann op engem prezise Punkt, wat d'Materialfuerschung ugeet, Efforts de recherche gemaach. Do ass och näischt am Prinzip dergéint anzewenden. Ech mengen awer, datt een de ganze Komplex vun den Nanotechnologien an der Recherche vill méi global misst diskutéieren a senge Potentialitéiten, déi positiv sinn, mä awer och a senge Risiken. Dat ass bis elo net geschitt.

Déi wéinegste Leit an der Gesellschaft dobausse wéi och hei am Sall wëssen iwwerhaapt Bescheed, wat Nanotechnologië sinn. Ech mengen, sou wéi mer iwwer Gentechnik an deene leschten dräi, véier, fënnef Joer breet Diskussiounen haten an och nach ëmmer hunn, esou misst och dëse Beräich vun Nanotechnologië vill méi breet diskutéiert ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Bauteministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Här President, ech soen dem Rapporteur merci fir säin extensive Rapport zu dem Projet, deen hei zur Diskussioun steet. Et ass e Projet, dee vun enger ganz grousser Wichtegkeet ass, well e jo och fir de weidere Verlaf vun der Fuerschung a vun de Fuerschungsaktivitéiten hei zu Lëtzebuerg eng Konsequenz huet, ob mer all déi Programmer kënne virundreiwen, déi vum nationale Fuerschungsfong ënnerstëtzt a suscitéiert gi sinn, oder ob mer d'Brems mussen ageheien.

Dat gesot, sinn ech natierlech als Bauteminister frou, datt ech och hei kann, wat d'Fuerschungsinstitutiounen ugeet, déi Réckstänn, déi mer haten, ophuelen. Well, wa mer fäerdeg wäerte sinn am nächsten hallwe Joer mat der Aktivitéit vun dëser Regierung, da wäert den CRP Henri Tudor säin neit Gebai hunn, dee vu mengem Virgänger an d'Wee geleet ginn ass, den CRP-Santé wäert en neit Gebai gestëmmt hunn an den CRP Gabriel Lippmann wäert Lokalitéiten hunn, déi op d'mannst iwwert déi nächst aacht Joer wäerte sécherstellen, datt e seng Fuerschungsprojete kann duerchféieren.

Ech fannen et vun enger ausgesprachener Hypokrisie, wann een heihinner kënnt a Réckstänn kritiséiert a sech da verwiert, wann deene Réckstänn ofgehollef gëtt, déi Projete mat ze stëmmen.

Une voix.- Très bien.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.*- Dir Dammen an Dir Hären, wéi solle mer et aneschters maachen? Kee Bauteminister ka bauen, wann e keng Projeten huet. An och um Kierchbierg konnt net gebaut ginn, well d'Projeten net fäerdeg waren. A wa se net fäerdeg waren, ass dat net ëmmer dem Bauteminister seng Schold, well deen, dee mat europäeschen Institutiounen ze dinn huet, dee weess, wéi et do hin- an hiergeet a wéi vun Dag zu Dag d'Konditiounen änneren.

Dofir sinn ech frou, datt hei d'Majoritéit vun der Chamber eis Recht gëtt fir hei, esouguer mat dem Provisoire - well virdrun hu mer héiren, datt e Provisoire 35 Joer gedauert huet - en Enkpass kënnen ze behiewen.

A wéi ass et dozou komm? Ech mengen, net nëmmen eréischt zënter 1999 besteet e Fuerschungsministère. Ech wëll dem Här Schummer do vläicht soen, deen ënnert deene viregte Regierungen dat net gemierkt huet, dass de Fuerschungsministère ëmmer en Unhang war vun anere Ministèren. Eng Kéier war e bei der Éducatioun an dat war notamment 1987, wéi de Minister Fernand Boden als zoustännege Minister fir d'Fuerschung d'Centres de recherche public geschaaft huet, nämlech de Centre de recherche public Gabriel Lippmann, de Centre de recherche public Henri Tudor an de Centre de recherche public Santé.

Et ass also erëm eng Kéier, zwar mat engem anere Partner, mä ëmmer mat der CSV derbäi, wou déi national Fuerschungspolitik an d'Wee geleet ginn ass. Et ass 1999 wou, ech mengen, esouguer géint d'Stëmme vun der DP deemools, den nationale Fuerschungsfong geschaaft ginn ass, deen et erméiglecht huet, datt mer haut Aktivitéiten hunn, déi an aacht nationale Fuerschungsprogrammer sech néierschloen an déi iwwerhaapt déi Aktivitéit, déi zu insgesamt 400 Aarbechtsplaze gefouert huet, méiglech gemaach huet.

Dofir ass dem Här Schummer seng Interventioun, déi ganz favorabel fir d'Recherche war, hei eng fir mech wëllkomme Geleeënheet fir ervirzehiewen, datt mer um richtege Wee sinn an datt mer och vun alle Leit, déi nach un den Dynamismus an un d'Zukunft vun eiser Wirtschaft gleewen, datt mer do dat Eenzegt maache wat engem klenge Land usteet, dat nëmmen op seng Matière grise kann zielen, nämlech d'Flucht nach vorne an och eist Selbstbewosstsinn a punkto Fuerschung net brauchen ënnert de Scheffel ze stellen.

Och mir hu valabel Leit, déi an der Fuerschung Grousses kënne leeschten an ech sinn natierlech ganz frou iwwert déi Demande an iwwert déi Nofro no méi Informatioun - déi gi mer gären. D'Kommissioun vun dem Enseignement supérieur war all déi Fuerschungsinstitutioune besichen. Ech mengen, kee verschléisst sech enger Debatt, wéi den Här Huss se hei gefrot huet, an ech ginn och gäre méi genee nach op eenzel Froen an.

Här President, et sinn notamment déi Programmer vum Agroalimentaire, déi hei zu Ufroen Ulass ginn hunn. Mir hu schonn zënter laangem am Gabriel Lippmann ee Programm, deen op d'Ziichte vun de Gromperen ouni Knollen higeet an deen och ze besichtegen ass. Mir hunn e grousse Programm an d'Wee geleet iwwert den nationale Fuerschungsfong, dee sech mat der Sécurité alimentaire beschäftegt, just mat engem Domän, deen zënter der BSE-Kris äusserst sensibel ass, deen och zu wirtschaftlechen Aktivitéite féiert a wou mer och d'Chance vläicht hunn, deen een oder anere Betrib op Lëtzebuerg kënnen ze huelen, well mer eben am Beräich vun den neien Technologië performant sinn a well mer mam Herdbuch eng Infrastruktur hunn, déi och am Beräich vun der Traçabilitéit vun dem Fleesch kann een Hannergrond bidden dee favorabel ass fir esou eng Aktivitéit hei zu Lëtzebuerg. Et sinn also echt Chancen do, datt mer eis Wirtschaft kënne mat neien Aktivitéiten diversifizéieren, déi duerch d'Fuerschung opgebaut ginn.

An dat gesot, Här President, sinn déi Bemierkungen, déi iwwert de Provisoire ginn, mengen ech, och nëmmen ze relativéieren. Et ass an enger gewësser Hisiicht e Provisoire, mä e Provisoire deen esou dauerhaft ass, datt déi Containeren, wou jo vill Büroen dra kommen, kënnen déplacéiert ginn, fir herno aner Strukturen ze beherbergen, ënner anerem vläicht och dem Fonds Belval zur Dispositioun kënne stoen.

Dann nach eng lescht Bemierkung. Dëse Projet gëtt iwwer Kreditter finanzéiert, déi zu den Anleihe gehéieren, déi iwwert de Fonds Belval gemaach ginn an déi vum Stat garantéiert ginn. Et ass also net grad esou, datt et hei d'Loi de garantie wär, et ass e bëssen en anere Mechanismus, mä et ass op jidde Fall am Kader vun där Debatt och dem Fonds Belval hei merci ze soen. Ech sinn och frou, datt gesot gëtt, mir hätten do gutt geschafft a mir kriten och déi éischt Baugenehmegungen. Ech sinn iwwerzeegt dovunner, datt dat, wat sech do an den nächste Méint wäert doen, zur Zefriddenheet vu jiddferengem ass, deen ëm d'Zukunft an ëm d'Restrukturatioun vun dësem Deel vun eisem Land besuergt ass. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5210 a mir stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo of iwwert de Projet 5210.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen a 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Fred Sunnen), Marcel Sauber (par Mme Nancy Arendt), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot (par M. Jos Scheuer), Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké (par Mme Lydia Mutsch), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wäre mer Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mueren a fänkt um néng Auer un.

(Interruptions et brouhaha général)

Hu mer nach eng Motioun?

(Interruption)

Neen, also, d'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.18 heures)

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

um Réseau vun der Coditel
um Kanal S 29

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un